

## Tarifflech Recommendatioune fir Liesungen

Dëst Dokument riicht sech un d'Acteure vum artisteschen a kulturelle Secteur zu Lëtzebuerg, déi Schrëftsteller\*inne fir Liesungen engagéieren. Et soll een **transparenten an novollzëibare Guide** sinn, fir déi concernéiert Acteuren ze informéieren a fir esou eng **fair Honoréierung** vu schrëftstelleresche Leeschtungen ze garantéieren.

Dëse Pabeier beriff sech op **d'Charte de déontologie** vum Kulturministère, déi beseet, datt Kënschtler\*inne fir hir Prestatiounen "de manière juste et équitable" remuneréiert solle ginn.

Dëse Pabeier wäert **reegelméisseg aktualiséiert** ginn, fir ë. a. adäquat op d'Präisdeierecht an d'Evolutioun vun de Liewenskäschten ze reagéieren.

ALL regroupéiert a repräsentéiert d'Schrëftsteller\*innen zu Lëtzebuerg, déi enger reegelméisseg literarescher Aarbecht noginn. Virun deem Hannergrond ass et eis ee fundamentaalt Uleies, fir fir **d'Rechter an d'Revendicatioune** vun eise Memberen anzestoen.

Virun deem Hannergrond wëll ALL drop opmierksam maachen, datt d'Liesung aus engem literaresche Wierk **eng vun den zentrale Prestatiounen** ass, mat där Schrëftsteller\*innen un d'Ëffentlechkeet trieden an hir Kreatioun virstellen. Dës Wierker entstinn an engem deels jorelaange kreative Prozess, dee fir de Grand Public net ëmmer visibel ass. D'Liesungen, déi d'Schrëftsteller\*inne plangen a prouwen, sinn also fir déi finanziell an artistesch Wäertschätzung vu grousser Bedeitung.

Dës Reflexioun huet eis beim Ausschaffe vun den Tariffer geleet. ALL huet sech dobäi ë. a. un de Positionen a Publikatioune vu folgenden Associatiounen an Acteuren aus dem noen Ausland orientéiert:

Däitschland Verband deutscher Schriftsteller\*innen in ver.di (VS)

Schwäiz Autorinnen und Autoren der Schweiz (A\*dS)

Frankräich Guide des auteurs de livres (Société des Gens de Lettres; Fédération interrégionale du livre et de la lecture; Centre national du livre)

D'tarifflech Recommendatioun vun ALL fir Liesunge vu 40 oder méi Minutte läit bei  
**400,- €** (htva).

D'tarifflech Recommendatioun vun ALL fir Liesunge vu manner wéi 40 Minutte läit bei  
**300,- €** (htva).

Dobäi ass festzehalen, datt

domat **Minimaltariffer** recommandéiert ginn,

et Schrëftsteller\*inne fräigestallt ass, **eng méi héich Remuneratioun** ze froen, dëst en vue vun hirer professioneller **Erfahrung** (Anciennetéit) an hirem **Parcours** (Literaturpräisser, Publikatiounen, Renommée),

datt zum Montant vum Honoraire fir d'Liesung ë. Ë. **TVA** ka bäikommen,

datt d'**Reeskäschten** (Aller-Retour) integral rembourséiert ginn (Auto: Kilometergeld nom jeeweils aktuelle Forfait, dee fir staatlech Institutiounen gëlt, den Ament 0,30€/km; Zuch/Fliger: ee Billjee, zweet Klass),

datt e schrëftleche **Kontrakt**, dee béid Säiten ofsécher, am Viraus d'Detailer vun der Prestatiounen festschreift, ë. a. wat d'Situatioun ubelaangt, wa Liesunge reportéiert oder annulléiert ginn,

datt **all dräi Joer** (fir d'nächst also am Hierscht 2025) déi concernéiert Strukture fir eng **Evaluatioun** zesummekommen, dëst ë. a. en vue vun der Präisdeierecht,

datt dës Recommendatiounen **net fir Liesungen an engem schoulesche Kader** gëllen. U separaten Tariffer fir déi Zort vu Prestatiounen schafft ALL am Ament a wäert dëst Dokument aktualiséieren, soubal hei Präzisioone méiglech sinn,

datt fir Acteure vum artisteschen a kulturelle Secteur an **Ausnamefäll** an **iwwergangsweis** opgrond vun enger besonnescher budgetärer Situatioun eng **tarifflech Staffelung** gräift. Fir si gëlt vum 1. Januar 2023 u bei Liesunge vu méi wéi 40 Minutten eng Remuneratioun vun 300,- € (htva), vum 1. Januar 2024 un eng Remuneratioun vun 350,- € (htva) a vum 1. Januar 2025 un de Standard, also eng Remuneratioun vu 400,- € (htva). Bei Liesunge vu manner wéi 40 Minutten ass d'Staffelung 233,- €, dann 266,- €, schliisslech 300,- € (htva). Bei Onkloerheeten zu dësem Punkt biede mir concernéiert Strukturen an/oder Schrëftsteller\*innen, sech bei ALL ze mellen.